N°1229
Entrée le 24.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.09.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/09/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

De MEN co-finanzéiert a verschiddene Gemenge Streetworkeren. An der Gemeng Péiteng ass zu menger Zäit am Gemengerot virun dräi Joer de Finanzement vun esou engem Streetworker ugefrot ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Stëmmt et, dass d'Gemeng Péiteng aktuell a Gespréicher ass, fir ee Streetworker co-finanzéiert ze kréien?
   Wou sinn dës Gespréicher drun a wéini ka mat engem Accord gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1229 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

*Streetwork* riicht sech virun allem u Leit am Erwuessenenalter, fir déi den ëffentleche Raum zu hirem Haaptliewensberäich ginn ass. Si weisen dacks eng geréng Gesondheetskompetenz op an hunn an der Reegel keen oder nëmmen ageschränkten Zougang zu Ariichtungen aus dem Sozial- a Gesondheetsberäich. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) cofinanzéiert a kenger Gemeng Streetworkeren an duerfir gouf d'Demande vun der Gemeng Péiteng aus dem Joer 2021 och net zeréckbehalen.

De MENJE ënnerstëtzt awer a verschiddene Gemengen eng Verstäerkung vun der edukativer Equipe vu Jugendhaiser, fir méi geziilt op vulnerabel Jonker duerzegoen an, wa gewënscht an néideg, si ze beroden, fir datt si aus méi schwierege perséinleche Situatiounen erauskommen.

D'Jugendhaus Péiteng, dat vun der Gemeng a vum MENJE cofinanzéiert ass, huet am Pilotprojet *Outreach 2016 – 2018* matgemaach. An deem Kader gouf een zousätzleche Poste cofinanzéiert. Dësen ass, no der Pilotphas, perenniséiert a besat ginn.

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH